N°5523
Reçue le 20.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 20.01.2022

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech folgend **parlamentaresch Fro** un den Här PoliceMinister wéider ze leeden.

Ëmmer erëm héiert een an de Noriichten oder via Meldunge vun der Police vu vermësste Kanner a Jugendlecher, och hei zu Lëtzebuerg.

Virun dësem Hannergrond wëll ech folgend Froen un de concernéierte Minister stellen:

- Wéi vill Mannerjäreger goufe pro Joer als vermësst gemellt teschend 2018 an 2021 ?
- Gesäit d'Police eng Hausse vu Vermësstemeldunge par Rapport zu de Jore virdrun ?
- Innerhalb vu wei engem Zäitraum goufen di Betraffen erëm fonnt ? Wat ass den Taux de Réussite ?
- Ass eppes iwwert d'Grënn vun hirem verschwanne gewosst ?

Mat déifstem Respekt,

Nancy Arendt

**Deputéiert**

N°5523
Reçue le 15.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5523 vum 20. Januar 2022 vum honorabelen Députéierten Nancy Arendt**

**Ad 1), Ad 2):**

D'Zuelen am folgenden Tableau stellen de "nombre d'affaires" duer, net eenzel Persounen. Wann zum Beispill aus engem Foyer e puer Mannerjäreger beieneen als vermësst gemellt goufen, gëtt dëst als 1 Affär an den Datebanke vun der Police grand-ducale saiséiert. Ënner dës Zuele falen och Jugendlecher, déi vun doheem oder aus engem Foyer fortlafen.

| Affäre vermësst gemellter Mannerjäreger | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 |
|---|---|---|---|---|
| | 347 | 391 | 444 | 512 |

Wéi aus deem Tableau ersiichtlech, huet d'Police tëschent 2018 an 2021 eng Hausse vun nobäi 48 % vun den Affäre bei Vermësstemeldunge vu Mannerjäreger enregistréiert.

**Ad 3):**
D'Datebanken erméiglechen et net ee statistesch direkte Lien hierzestellen, tëschent de Vermësstemeldungen an den Affären wou als vermësst gemellte Mannerjäreger erëm fonnt gi sinn.

**Ad 4):**
D'Police féiert keng offiziell Statistiken iwwert d'Grënn vum Verschwanne vu Mannerjäreger.

Lëtzebuerg, den 15/02/2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX